



► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Jo, Här President, och mir soen dem Här Arendt Merci a stëmmen deem Projet zou.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Loschetter. Den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu bal e schlecht Gewëssen, wann ech heihinnerkommen, fir e bëssen iwwer e Projet ze schwätzen, awer nëmme bal,...

(*Interruptions*)

...nëmme bal! Well mir schwätzen hei iwwer 50,4 Milliounen Euro an engem Basismodell, an enger Liichtegkeet, datt eis Kollege vun der LSAP bal verwonnert sinn, datt ee vun hinne muss iwwer 50,4 Milliounen Euro hei e Wuert verléieren!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir waart bis elo fein.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Mä mir als ADR...

Gelif, Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir waart bis elo fein.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech sinn net ëmmer fein, mä ech gi mer awer Méi, och elo weider fein ze bleiwen. An dofir wëll ech lech soen, datt fir eis 50,4 Milliounen Euro enorm vill Geld ass. Wann ech elo kucken, wéi d'Regierung beim Spuerpak zum Beispill, un dee mer eis hei ernënnert hunn, heiansdo fir 100.000 Euro Leit awer wierklech zum Deel an hire Gefiller och getraff huet, wa mer gesinn, wéi eng Allokatiounen am Familljeberäich an der Héicht vu 4 Milliounen Euro ofgeschafft ginn, an de Lëtzebuerger Chrëschtliche Gewerkschaftsbond huet ausge-rechent, datt d'Kierzung vum Kannergeld, wou d'Regierung ëmmer seet, et géif keen eppes verléieren, wat mir awer ganz anscht gesinn, fir dat anert Joer 15 Milliounen Euro solle kaschten, da sinn déi 50,4 Milliounen Euro hei net näischt, neen, dat ass ganz vill Geld! An dofir ass et fir eis ganz wichteg, datt mer kucken: Firwat gëtt dat Geld benotzt, 50,4 Milliounen Euro?

Den Här Rapporteur - deem ech Merci soe fir seng Presentatioun, déi wor wierklech ganz interessant an och ganz gutt bruecht -, dee seet: „Dat muss de Fridden eis wäert sinn.“ An e seet: „Dat kënn der Populatioun direkt zegutt.“ An et ass och richteg, datt den Objet social vun där Associatioun, iwwert déi mer hei schwätzen, am Kader vun der Weltbank jo derfir geduecht ass, fir besonnesch aarme Länner ernënnert d'Aerm ze gräfen, fir ouni Zënsen oder mat ganz wéineg Zënsen kënnen Kreditteer ze verdeelen. Alles dat klängt ganz gutt.

Mä an der Realitéit, wann ech awer de Rapport vun der Kommissioun liesen, ginn déi 50,4 Milliounen Euro an zwee Beräicher investéiert: Parité hommes-femmes a Changement climatique. Dat ass d'Realitéit vun deem, wat mer elo hei ausginn. Do, muss ech awer soen, hätte mir als ADR aner Prioritéite gesat. Mir hätte vläicht gekuckt, datt eis Famillje weider ënnerstëtzt ginn, ier mer dat heite gemaach hätten. Dat ass eng Fro vun der politescher Prioritéit, wéi ee Suen ausgëtt.

(*Interruptions*)

Elo ass et awer esou, datt mer jo als Lëtzebuerg en Effort iwwert d'Jore maache fir d'Entwécklungshëllef. Mir ginn als ADR fest dovun aus, datt déi Suen, déi mer hei investéieren, integral op dat ugerechent ginn, wat an der Entwécklungshëllef fir Lëtzebuerg verrechent gëtt! Dat ass eis Fuerderung an dat ass eis Fro un de Finanzminister. Mir wëllen net niewent deem risegen Effort, dee Lëtzebuerg hei bréngt, a proportional zu anere Länner wahrscheinlech dee weltgréissten, wa mer alles géifen zesummerechnen, wat mer investéieren an d'Entwécklungshëllef, mir wëllen net derniewent nach aner Keesen hunn, wou mer zousätzlech Geld doranner leeden.

An dat ass och eis Fro un d'Regierung: Gëtt dat do Geld integral op eis Entwécklungshëllef ugerechent?

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech hat eigentlech keng weider Wuertmeldungen hei stoen, mä wann dat gefrot ass, dann huet den Här Wagner selbstverständlech d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. An de 50er Joren haten eng Rei vun Entwécklungslänner versicht, e System op d'Been ze stellen, deem äänlech e bësse wéi de Marshallplang misst funktionéieren, dat heescht, deem hinne bei der Weiderentwécklung, beim Weideropbau misst hëllefen. De Marshallplang, deem huet jo gréisstendeels aus Done bestanen, just ee méi klengen Deel huet aus Prête bestanen, wou d'Zënsen ganz

deif ware voire guer keng Zënsen derbäi waren.

Dunn ass awer eng aner Dynamik entstanden. Et ass eng Dynamik entstanden deemools vun Entwécklungslänner, fir e Fong ze grënnen, de SUNFED, de Special United Nations Fund for Economic Development. Dat ass e Fong, deem hätt sollen ernënnert der Obhut vun der UNO funktionéieren, och no der Regel „ee Land, ee Vott“, wat jo eng Regel ass, déi jo net bei der Banque mondiale an hire verschiddene Branchen respektéiert gëtt.

Bon, et mécht kee Sënn, elo op déi verschiddenen Detailer vun der Geschicht anzegoen, mä schlussendlech - well déi industrialiséiert Welt war géint esou e Fong a si hunn duerno och a leschter Minutt Indien iwwerzeegt kritt, fir et op hir Säit ze kréien, duerch e Kouhandel - dann ass dann eben och déi Association internationale de développement entstanden, déi u sech de Géigeprojet war vun der industrialiséierter Welt par rapport zu deem Projet vum SUNFED a Wierklechkeet, wou natierlech en anere Système de vote jo do ass; dat steet jo och an der Fiche financière.

A wann een dat e bësse kuckt, da gesäit een, datt déi Länner, déi am meeschte bäidroen, an dat sinn dann eben industrialiséiert Länner, och am meeschte kënnen mat entscheeden, wat fir eng Projeten do decidéiert ginn. Dat heescht, déi Bank, genausou wéi all déi verschidde Branchen vun der Banque mondiale, funktionéieren ëmmer nom Motto, datt schlussendlech d'Donateuren an déi industrialiséiert Länner kënnen den Entwécklungslänner hir Projeten deelweis octroyéieren an esou weider.

Ech weess, datt dat an der Realitéit heiansdo e bësse méi nuancéiert funktionéiert, mä a Wierklechkeet ass et esou. Et ass och kee Wonner, datt all Kéiers, wann dee Fong dann erëm gespeist gëtt, sech do wierklech wéi d'Teppechhändler gestridde gëtt, fir da méi Votten ze kréien, andeems méi Parten do ofkaaft ginn. An oft sinn déi Projeten och u Konditiounen gebonnen, déi meeschtens och..., ech soen des Kéier: der „neoklassescher“ Wirtschaftstheorie entsprechen, fir eng Kéier emol en anert Wuert ze gebrauch wéi dat, wat ech soss ëmmer esou gebrauchen.

An natierlech ass och eng aner Iwwerleeung derhannert, fir datt d'Créditeure bei den Débiteure kënnen och, also bei de Länner, déi eben d'Soen hunn, bei den industrialiséierte Länner, datt déi och kënnen do verschidde Produiten akafen. Dat war och esou geduecht deemools. Enner anerem konnten d'Amerikaner esou och hir Landwirtschaftsprodukter massiv an d'Entwécklungswelt weiderschëcken.

Dat heescht, d'Kohärenz vun der Entwécklungshëllef, déi gesinn ech net esou richtig. A meng Fro wier och déi, wéi déi vum Här Kartheiser virdrun, mä an eng aner Richtung, meng Schlussfolgerung wier eng aner. An déi Fro, déi gëllt och beim nächste Projet de loi iwwert d'Banque asiatique, ob iwwerhaupt dat Geld, wat drageet, zur Aide au développement geziel gëtt oder net. Well ech mengen, dat wier justement problematesch, wann dat de Fall wier. Dat mécht d'Saach jo nach méi schlëmm, well et kann een net wierklech vun Aide au développement do schwätzen. Ech mengen, dat muss een eendeiteg méi nuancéiert gesinn.

A well mer der Meenung sinn, datt ee misst aner Strukturen op der Welt opbauen, wéi d'Banque du Sud an esou weider, wou och Entwécklungslänner richtig kënnen mat entscheeden, wat mat hire Gelder geschitt, wäerte mer eis prinzipiell géint dës Projet de loi auschwätzen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Merci dem Rapporteur Guy Arendt, deem dat effektiv ganz meeschterhaft gemaach huet an deem ënnerstrach huet, wéi wichteg déi Organisatioun AID ass, well se 2,8 Milliarde vu Leit als Potenzial kann hëllefen. Dofir huet och Lëtzebuerg decidéiert, dass mer net nëmme 50,4 Milliounen an néng Tranché bezuelen, wat en fait d'Augmentatioun ass vun de Ressourcen, déi 17. vum Numm, mä awer och 1,5 Milliounen ronn méi ze bezuelen, fir eisen Deel, eist Gewicht an där internationaler Organisatioun ze halen.

Ech ka vläicht e Wuert soen iwwert d'Entwécklungshëllef zu Lëtzebuerg, wou mer versichen, op eng équilibréiert Aart a Weis eis Hëllefen a bilateral Projeten ze maachen op där enger Säit; och mat spezifische Länner, déi Prioritéitslänner sinn, an dann op där anerer Säit sinn et multilateral Hëllefen, wat mer dann

iwwer international Organisatiounen maachen, wéi dës eng ass. A mir sinn der Meenung, dass dat heite ganz wäertvoll ass, an dofir ënnerstëtzt Lëtzebuerg dës scho ganz laang.

Zur Fro oder zum Kommentar, dee gemaach ginn ass, dass haaptsächlech Projete vum Changement climatique oder vun der Gläichheet zwësche Mann a Fra géifen ënnerstëtzt ginn: Déi sinn en fait à titre d'exemples, mengen ech, opgezielt ginn. Dat limitéiert sech awer net op déi Sujeten. De Fächer vun den Aktivitéiten vun der AID ass vill méi breet.

Ech géif och gären hei confirméieren, dass déi Kontributioun hei vu 50,4 Milliounen an och déi 1,45, déi mer derbäi bezuelen, fir eist Gewicht ze halen, integral bei eis Entwécklungshëllef derbäigezielt ginn. An dofir freëen ech mech, dass och vill vun lech Ennerstëtzung fir dës Projet bewisen hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Finanzminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6828 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6828 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi 6828 ass ugehall mat 58 Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Serge Wilmes), MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Marc Spautz), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Lex Delles), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Da soen ech lech villmools Merci an dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen dann zum leschte Punkt vun eise-m Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet de loi 6859, wou et ëm den Accord fir d'Statute vun der Banque Asiatique d'Investissement dans les Infrastructures an och dann implizitt ëm de Baitrëtt vu Lëtzebuerg geet. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Guy Arendt.

15. 6859 - Projet de loi du [...] relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Banque Asiatique d'Investissement dans les Infrastructures

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech hunn lech virdrun erkläert, firwat et fir eist Land wichteg ass, sech fir d'Entwécklungshëllef anzusetzen. Abee, de Gesetzesprojet, dee mer elo diskutéieren, geet och an dës Richtung. Et geet nämlech drëms, Lëtzebuerg als Grënnungs-member vun der Asiatischer Investmentbank fir Infrastrukturen, oder BAIL, ze etabléieren.

Wéi mer wëssen, dréit den asiatesche Raum ganz vill zum Elan vun der Weltwirtschaft bäi, dat, well hei nach ganz vill Entwécklungspotenzial besteet. Dës ass besonnesch de Fall, wat d'Infrastrukture betrëfft: d'Energie, den Transport, d'Telekommunikatioun, d'ländlech Entwécklung. Ouni zolidd Infrastruktur kann e

Land net wëssen. Ouni Infrastruktur kann eng Populatioun hiert Potenzial net voll ausspillen.

Duerch eis eege Projeten an der Entwécklungshëllef, besonnesch a Vietnam an a Laos, dréit eist Land schonn zum Développement vun dëser Regioun bäi. Elo huet China zousätzlech de Lead iwwerholl an eng asiatesch Institutioun an d'Liewe geruff, fir der enormer Demande no Infrastrukturen nozekommen.

Als solidarescht Land, wat scho gutt Relatiounen an dem asiatesche Raum huet, ass et nëmme selbstverständlech, dass Lëtzebuerg bei esou enger Initiativ matmécht, an dat aus zwee Grënn. Zum Éischen, dat hunn ech virdru schonn ugeschwat: Firwat soll een Entwécklungshëllef eleng maachen, wann een zesummen nach méi effikass ka sinn? An enger Institutioun, déi multilateral schafft, kann een nach méi erreechen; an enger Institutioun, déi ganz konkret Projeten ënnerstëtzt, déi den Alldag vun de Leit vereinfachen, kann een nach méi effikass sinn.

Mir wëssen och, dass China zu engem ëmmer méi wichtige Partner gëtt. An dofir ass dës och eng Geleeënheet, eis Liene mat dësem Land weider ze festegen. Mir kënnen eis zum Beispill duerch dës Relatiounen nach besser als Offshore-Zenter vun der chinesescher Währung, dem Renminbi, positionéieren an esou weider Investissementer op Lëtzebuerg ynzéien. Dës also ass den Ufank vun engem Echange, dee wäit iwwert d'Finanzwelt erausgeet, en Echange, deem op d'Recherche an op d'Educatioun iwwergoe kann.

Här President, den Text vum Projet de loi gouf de 17. August vun dësem Joer vum Finanzminister déposéiert. De Statsrot huet säin Avis ugehall, an den 12. Oktober ass de schrëftleche Rapport an der Finanz- a Budgetkommissioun guttgeheesch ginn.

De virleenden Text approuvéiert d'Statute vun der neier BAIL an erlaabt et der Regierung, dat néidegt Kapital fräizesetzen, fir dass Lëtzebuerg Member vun dëser Organisatioun gëtt. Et handelt sech hei ëm bal 14 Milliounen Dollar, wat ongeféier 12,5 Milliounen Euro ausmécht. Dës Montant gëtt awer a fënnf Tranché bereetgestallt, soudass fir dës Joer ëm déi 2,5 Milliounen Euro fälleg sinn.

Lëtzebuerg huet d'Chance, Grënnungs-member vun enger Organisatioun ze ginn, déi Infrastrukturprojeten am asiatesche Raum ënnerstëtzt an esou zur Entwécklung vun dësen Länner bäidrëit. Dës Geste stäerkt awer och gläichzäitig d'Relatiounen tëschent eise-m Land a China, enger Zivilisatioun, déi an deene kommende Joren ëmmer méi eng grouss Roll spille wäert. Mir kënnen nëmme vun esou engem enke Partenariat profitéieren.

Zu dësem Projet muss een awer och nach soen, dass mer eng Zweekdrittelmajoritéit brauchen, well zukünfteg Ännerunge vun de Statute vun der Bank duerch de Conseil des gouverneurs kënnen entscheet ginn. Dat heescht, dass mer doduerch eng Partie vun eise Souveränitéits-rechter opginn a mer dofir eng qualifizéiert Majoritéit brauchen, fir de Projet unzehuelen.

Ech soen zum Schluss all de Bedeelegten un dësem Projet Merci fir hir Mathëllef, gi selbstverständlech den Accord vun der DP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Jo, Merci, Här President. Och hei gëllt datselwecht wéi virdrun: e ganz, ganz grouse Merci un de Rapporteur Guy Arendt, deem eis dee ganze Projet nach eng Kéier am Detail erkläert huet, deem awer haaptsächlech och op d'Argumenter agaangen ass, déi fir déi Participatioun un där Bank spriechen.

Ech wëlt dat och nach eng Kéier extra begrëissen. Et schéngt mir e ganz wichtegt Signal ze sinn, dat mer och do enger grousser, wann net där gréisster Wirtschafts-natioun niewent de Vereenegte Staten am Moment ginn. Duerfir si mir extrême-ment frou, datt Lëtzebuerg zu de Grënnungsmembere vun där Bank do gehéiert. Mir wäerten also mat Begeeschterung deem Projet de loi eisen Accord ginn.

Ech wëll awer vun der Geleeënheet profitéieren, Här President, fir zwou Froen un de Finanzminister an dësem Kontext ze stellen, déi ech leider net konnt stellen, well de Finanzminister net an där Sitzung war, wou de Rapport vun dësem Projet ugehall ginn ass.

Déi éischt, déi geet de Conseil des gouverneurs un, wou ech frou wär, wann de Finanzminister



eis kéint soen..., ech huelen un, datt hie selwer Lëtzebuerg wäert an deem Conseil des gouverneurs do representéieren, mä ech wär awer trotzdem frou, wann en eis dat nach eng Kéier kéint bestätegen.

An eng zweet Fro, wat awer gläichzäiteg, mengen ech, en allgemeng gedeelte Wonsch ass, dat ass, datt et wichteg wär, wann déi Bank hei an Europa en Headquarter oder en Office de représentation géif opmaachen, datt mer do alles géifen ënnerhuelen, fir datt Lëtzebuerg de Site vun esou engem Headquarter kéint ginn. Ech kéint mer och virstellen, datt, och wann d'Konkurrenz grouss ass, d'Chancen awer net allze vill schlecht sinn. An ech weess, datt de Finanzminister dat do och äänlech gesäit. Ech wollt duerfir awer nach eng Kéier froen, ob en do vläicht ganz rezent Informatiounen huet, wou mer do stinn.

Dat gesot, nach eng Kéier, gi mir den Accord zu deem dote Projet de loi.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mosar. An d'Wuert huet elo net den Här Haagen, mä den Här Fayot.

(Interruptions)

Gitt lech eens!

(Hilarité)

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Och dem Guy Arendt e Merci fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport. Hien huet et gesot: Eist Land huet sech als eng vun deenen éischten europäeschen Natiounen an als netasiateschen Aktionär a Member vun där Bank manifestéiert. Et ass gewosst, dass des BAI op Initiativ vu China opgebaut ginn ass als Complément zu anere multilateralen Développementbanken an der Region, virun allem der Banque asiatique de développement, mä awer och als Reaktioun zur Ennerrepresentéierung vu China an där BAD wéi och iwwregens am FMI an an der Weltbank.

Et ass och gewosst, dass Tractatiounen waren am Virfeld zu der Schafung vun där neier Bank. An et ass och gewosst, dass Muechte wéi d'USA a Japan, déi d'Gouvernance vun der BAD dominéieren, vläicht net frou waren iwwert des Initiativ a vläicht och net ganz frou waren iwwert d'Lëtzebuurger Participatioun an där Bank.

Eis Fraktioun begréisst d'Participatioun vu Lëtzebuerg an der BAI. Et ass e weidert wichtegt Engagement an eiser wirtschaftlecher Partnerschaft mat China an natierlech och wichteg am Positionnement vun eisem Land als Porte d'entrée vu China a vu chinesesche Banken an Europa an och, dat ass och scho gesot ginn, als Renminbi-Plattform an Europa.

Et gëtt och gehofft - dat huet de Laurent Mosar elo gesot, an et wär vläicht interessant, wann de Minister kéint e puer Prezisiounen dozou ginn -, dass des Bank hiren Headquarter zu Lëtzebuerg opsetzt als europäesch Base d'opération. Wéi gesot, als LSAP kënne mer des Politik nëmmen ënnerstëtzen. China ass nach wie vor e wichtegt Schwelceland, wat trotz de rezente wirtschaftleche Kontraktiounen en enorme Marché an e grousst Potenzial, och fir eist Land, duerstellt.

Den Exposé des motifs schwätzt och vun enger „richteger strategischer Partnerschaft“ mat China, wou et iwwert déi reng kommerziell Enjeuen och ëm Recherche, Kultur, Educatioun an international Sécherheet géif goen.

An als Ofschloss vläicht e fromme Wonsch, dee vläicht nëmmen e Wonsch bleift, mä ënner Frënn kann ee sech och heiansdo méi désagréabel Saache soen: Et wär vläicht ze wënschen, dass een eis chinesesch Frënn da géif heiansdo drun erënneren, dass se et vläicht mat de Mënscherechter a mat der Meinungsfreiheet e bësse méi genee sollten huele wéi bis elo.

Dat gesot, géif ech den Accord gi vun eiser Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet d'Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Ech wollt dem Här Arendt am Numm vun der grénger Fraktioun Merci soe fir säi Rapport.

Ech wollt awer dem Finanzminister en Uleies mat op de Wee ginn. Mir sinn ee vun deene 57 Membres fondateurs vun där neier asiatescher Bank, Investbank. A fir ons wär et wichteg, datt Lëtzebuerg zesumme mat deenen aneren EU-Länner derfir géif suergen, datt déi

sozial, Ëmwelt- an och Gouvernancekritären déiselwecht wiere wéi déi bei der Weltbank.

Dës gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Loschetter. An d'Wuert huet den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, villmools Merci. Dir Dammen an Dir Hären, mir ënnerstëtzen als ADR och eis Participatioun an där Bank. Et ass wierklech eng gutt Initiativ, déi mer huelen. An ech schlësse mech och ganz gär der Fro un, déi den Här Mosar gestallt huet iwwert d'Perspektiv fir eis Finanzplaz, déi aus där Participatioun eventuell kënnen entstoen.

Dat heiten ass e richtegt Investissement fir eist Land, fir eis Finanzplaz. An deem Sënn si mer och vill méi zefridde mat deem Gesetz wéi zum Beispill mat deem virdrun, wou een, wéi ech et ugedéit hat, wierklech sech ka Froe stellen, ob déi Suen op déi beschtméiglech Manéier investéiert gi sinn.

Zwee wichteg Kommentare vläicht. Deen een ass deen, deen d'Souveränitéitsrechter ugeet. Mir haten eis als ADR iwwerluecht, ob mer heimmader sollten d'accord sinn oder net - well Dir wësst, datt eis Partei ëmmer drop hält, datt Lëtzebuerg seng Souveränitéitsrechter behält. Mir hunn dat analyséiert. Mir sinn zum Schluss komm, datt mer et awer kënne matdroen, an notament och an där Situatioun, well an der Verfassung jo och steet, datt eng temporär Devolutioun nëmmen ass an datt déi Souveränitéitsrechter, déi mer ofginn - dat heiten ass elo kee ganz gravissime Fall, dat ass méi moderat -, datt déi ëmmer vun temporärer Natur sinn.

Mir halen och dowéinst drop als ADR, datt och an enger neier Verfassung, wa mer sollten an eng nei Verfassung erakommen, datt do och stoe bleift, datt d'Devolutioun vu Souveränitéitsrechter ëmmer nëmme kann temporär sinn. Dat feelt an deem Entworf, deen am Abléck an der Diskussioun ass. Dat ass ee vun deene wichtigste Grënn, firwat mir soen, datt deen neie Verfassungsentwurf fir eis net akzeptabel ass.

Een zweete Grond oder eng zweet Observatioun, déi ech hei wëll maachen, déi adresséiert sech un eis Kollege vun der sozialistescher Partei. Et ass couragéiert vum Här Fayot, fir hei an der Chamber ze soen, datt d'Chineese sech sollen un d'Mënscherechter halen. Et wär nach méi couragéiert vun de sozialistesche Kollegen, wann den Här Asselborn, Member vun der sozialistescher Partei, datselwecht géif zu Peking soen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An den Här Wagner huet d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Jo, Merci, Här President. Ech duecht, mir géifen iwwert d'Entwécklungshëllef schwätzen: Mir schwätzen iwwert d'Finanzplaz. Ech mengen, dat resuméiert erëm eng Kéier deen heite Projet de loi. Ech fannen dat och relativ interessant ze gesinn, datt mer een Dag, nodeems mer de Cercle des ONG hei haten an där Chamber, deen iwwert d'Cohérence des politiques geschwat huet, genau de Géigendeel maachen. Et brauch ee schonn nëmmen ze gesinn, datt een eenzege Ministère implizéiert gouf, dat ass de Finanzministère. De Kooperationsministère gouf net implizéiert!

Ech stelle mer iwwerhaupt d'Fro, ob d'ONGen oder de Cercle des ONG iwwerhaupt och gefrot gi sinn, fir en Avis ofzeginn. Dat wier ganz interessant, mengen ech, wann déi géifen en Avis ginn. Vlächicht géif een och eng aner Klack héieren.

Mir gräifen als déi Lénk ganz oft den industrialiséierte Westen un, d'USA och un, well se d'Entwécklungslänner net respektéieren. China respektéiert se och net méi wéi d'USA oder wéi mir. A mir sinn net blauäugeg! Mir wëssen, datt et dorëms geet,... Also, hei eis Regierung, oder hei gëtt et Leit, déi sinn eendeiteg méi euphorisch, fir zesumme mat der chinesescher Regierung ze schaffen, wéi mir als déi Lénk, dat wëll ech schonn nëmme feststellen. A mir wësse ganz genau, datt d'chinesesch Entrepreneuren, wa se Projeten an Nopeschlänner maachen, datt se wuel net nëmmen d'Mënscherechter net respektéieren, mä och net sozial an ökologesch Kritären.

Dat doten ass natierlech eng Bank, fir datt China kann och seng Interessen an enger Géigend duerchsetzen als Groussmuecht, wat China a Wierklechkeet ass. A mir spillen do mat, fir kënnen e bëssen eis d'Korintercher erauszepicken. Soss ass et näischt! Ça n'a rien à voir mat der Aide au développement!

An dofir wäerte mer och dergéint stëmmen. An ech mengen - mä meng Fro eriwregt sech

vlächicht, well si ass scho virdrun am selwechte Kontext gestallt ginn -, ech gi jo dovunner aus, datt déi Gelder och zougerechent ginn zu der Aide au développement. Ech wier och frou, wann deemnächst och esou Berechnungen zesumme mam Cercle des ONG géife beschwat ginn. Dat wier och eng interessant Diskussioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, an den Här Finanzminister huet direkt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou feststellen, dass e relativ breede Konsensus besteet, fir dese Projet hei ze ënnerstëtzen.

Ech soe fir d'Éischt dem Guy Arendt Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, dee jo och den Ëmfang vum Investissement beschriwwen huet, 69,7 Milliounen op fënnf Joer verdeelt, an et sinn nëmmen 20% vum Kapital, déi hei musse libéréiert ginn.

Jo, de Finanzministère war deen, dee sech haaptsächlech drëms bekëmmert huet. Et ass en fait eng „Investitiounsbank“, wéi d'Wuert et seet, dofir brauch ee sech net ze wonneren, dass et do ëm Infrastrukturen an Investissementer geet. An dofir war et och ganz normal, dass de Finanzministère sech drëm bekëmmert huet.

Ech deelen déi Kommentare, déi gemaach gi sinn, dass et gutt ass fir Lëtzebuerg, dobäi ze sinn. An dofir gëtt et ganz vill Grënn: Mir kënnen als Land am Häerz vun Europa hëllefen, Brécken ze bauen tëschent Europa an Asien. An ech géif soen, dat ass deen alleréischten a wichtigste Grond.

Deen zweeten ass, dass mer eng international Finanzplaz hunn. An doduerch, dass mer déi hunn, brénge mer et och fäerdeg, de Privatsektor an d'Industrie vun den Investitiounsfongen zu Lëtzebuerg ze mobiliséieren, wann ee wëllt Infrastrukturprojete maachen. Och dat ass extrem interessant, net nëmme fir eis Finanzplaz op där enger Säit, mä et ass och interessant fir d'Chineesen an d'asiatesch Partner op där anerer Säit.

Den drëtten Grond, firwat et gutt ass, ass natierlech d'Internationalisatioun vum Renminbi, wou Lëtzebuerg a villen Domänen un der Spëtzt ass an Europa. A wann déi Bank hei gutt fonctionéiert, an dovunner gi mer aus, wäert et och esou sinn, dass verschiddener vun deene Projeten a Renminbi finanzéiert wäerte ginn, wou mer dann och als Lëtzebuerg do net nëmme Retombéeën kënnen erwaarden, mä awer och e gewëssen Know-how matbréngen, well mer och d'Chance hunn, dass mer déi sechs gréisst chinesesch Banken hei zu Lëtzebuerg hunn.

Dee véierte Grond, firwat et gutt ass, dass mer matmaachen, ass, well mer d'Chance hunn, hei zu Lëtzebuerg d'Europäesch Investitiounsbank ze hunn, déi hei hire Siège huet, an dass sech déi nei Bank hei en fait un dem Fonctionnement vun der Europäescher Investitiounsbank inspiréiert.

An an där Hisiicht ass wahrscheinlech dat, wat des Bank wäert erreechen - an et ass e bëssen e Kommentar zu deem, wat d'Madamm Loschetter gesot huet -, e bëssen anescht wéi déi traditionell Banque asiatique de développement oder all déi aner regional Banken, déi et ginn, déi och zum Deel heiansdo politiséiert sinn. Déi heite schéngt mer méi ekonomesch ausgeriicht ze sinn.

Dat wäeren d'Haaptargumenter, firwat mer matgemaach hunn.

Ech sinn encouragéiert ginn, bei enger Fro vum Här Mosar, mech anzesetze bei de chineseschen Autoritéiten, fir dass mer eng Präsenz zu Lëtzebuerg sollten hunn. Ech kann lech versécheren, ech maachen dat esou oft wéi ech nëmme kann an hunn dat da virun e puer Deeg - dat war elo virun dräi Deeg zu Lima - och gemaach, wou ech de chinesesche Finanzminister konnt erëm eng Kéier gesinn, a mat him hat ech e laangt Gespréich.

Hien huet eis félicitéiert, well e sot: „Dir sidd dat Land, wat net asiatesch ass, wat als éischt akzeptéiert ginn ass an der Asiatescher Investitiouns- an Infrastrukturbank.“ An de Mann wousst dat schonn, ech hunn em dat net brauchen ze erzielen, wat jo beweist, dass mer bei de Chineese gutt um Radar sinn. An ech hunn em och net brauchen ze widderhuelen all déi Argumenter, firwat et gutt wär, dass d'Bank zu Lëtzebuerg sech géif installéieren, well hie se alleguete kennt an e se selwer all opgezielt huet.

Dat heescht, ech mengen, mir hunn eis Aarbecht gemaach, net nëmmen d'Regierung; ech mengen all déi, déi China kennen, hëllefen do. An dat ass eng ganz gutt Saach.

Dat gëtt och vlächicht net ganz séier décidéiert, mä dat wäert awer an deenen nächste Méint wahrscheinlech vun der Bank selwer décidéiert

ginn. Ech kann lech soen, dass vill aner Länner op de Räng sinn an natierlech dat och gäre géife bei sech kréien. Mä mir kämpfen haart. An ech sinn optimistes, dass mer eppes kréien! Wat? On verra bien!

Zum Gouverneur: Jo, ech wäert do als Minister dann de Gouverneur an där Bank sinn, wéi dat och traditionell de Fall ass bei deenen internationale finanziellen Organisatiounen, wou Lëtzebuerg Member ass.

Ech géif och nach gären op déi Fro kommen, ob deen Asaz hei, deen Investissement hei ka fir d'Entwécklungshëllef gezielt ginn. Do hânt dat dovunner of, wéi d'international Organisatioun, déi sech drëms bekëmmert, dat wäert beuerteelen. Also, dat ass net esou einfach a pauschal, wéi dat vlächicht vu Verschiddenen hei gemengt gëtt. De Comité d'Aide au Développement vun der OECD ass amgaangen ze studéieren, ob hei d'Kritären all erfüllt sinn, fir dass d'Investissementer an des Bank kéinten an d'Entwécklungshëllef gezielt ginn. Déi Décisioun ass also nach net geholl.

Zur Fro vun der Majorité qualifiée, déi ganz berechtigt ass: Mir trieden hei temporairement effektiv Rechter of. Dofir brauche mer jo eng Zweedréttelmajoritéit hei am Parlament. De Caractère temporel ass an deem heite Fall extrem einfach ze schilderen, well mir kënnen à tout moment aus dem Kapital vun där Organisatioun erausgoen, soudass ech mengen, dass dat heiten déi Suerg op jidde Fall ka be-rouegen.

Mä leschte Punkt wär d'Rapiditéit. Mir si bestëmmt déi Éischt gewiescht, déi akzeptéiert gi sinn. Mir sinn haut och relativ fréi un, fir des éischt Ronn vun der Adoptioun hei an der Chamber ze maachen.

Ech ginn dovunner aus, Här President, dass mer jo och wäerte kucken, ob hei eng Dispens vum zweete Vott, wéi dat traditionellerweis de Fall ass, recommandéiert wäert ginn. An ech hoffen, dass de Conseil d'État dat dann och wäert positiv beuerteelen, soudass mer vlächicht eng Chance hätten, dann och dat éischt Land ze sinn, wat net asiatesch ass, wat d'Adhésioun hei ratifizéiert.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Finanzminister. A mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6859. Wéi dat schonn e puermol widderholl ginn ass, ass eng Zweedréttelmajoritéit noutwendeg. An hei gëlle keng Procuratiounen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6859 et dispense du second vote constitutionnel

Sou, da géife mer mat der Ofstëmmung ufänken.

(Interruption)

Jo? Geet se net? Den Här Mertens huele mir ganz gär mat. Ass soss nach iergende Problem?

Da géife mer d'Ofstëmmung ofschléissen.

Vun 52 Stëmmen hu 50 Leit mat Jo gestëmmt, 2 mat Neen. Dat heescht, de Quorum ass erreecht an och d'Resultat ass kloer. Domat wär de Projet 6859 mat méi wéi enger Zweedréttelmajoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, MM. Félix Eischen, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ech géif d'Chamber nach just froen, ob se be-reet ass, d'Dispens vum zweete verfassungs-méissege Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Ech géif lech da Merci soen. Eis nächst Sëtzung ass muer a fänt um zwou Auer un. Merci villmools a kommt gutt heem!

(Fin de la séance publique à 18.23 heures)